PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Verschiddene Stied an Uertschaften an Däitschland (mee och op anere Plazen op der Welt) hunn bei Foussgängeriwwergäng, déi mat roude Luuchte gereegelt ginn, hirer Kreativitéit fräie Laf gelooss. Aplaz vun engem rouden oder grénge Männchen, deen dem Foussgänger seet, wéini en dierf iwwert d'Strooss goen a wéini net, ass zu Hannover an Däitschland zum Beispill ee Réih als Symbol fir d'Foussgängeriwwergäng gewiehlt ginn. Zu Emden gi souguer Ottifanten als Symbolbiller benotzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass et och zu Lëtzebuerg méiglech, d'Symbolbiller an de roude Luuchten fir Foussgängeriwwergäng z'änneren?
    - Falls jo, dierf eng Gemeng dëst decidéieren?
    - Falls nee, wäert de Minister esou eng Ännerung an Zukunft an d'Weeër leeden? Falls net, bewäert de Minister d'Approche, wéi se a verschiddenen däitsche Géigenden ze gesinn ass, als falsch oder onsécher un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député